20 Joer D'Frënn vun der Militärmusek

# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

Association sans but lucratif, fondée en 1997 - Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe

**En avant ... marche !**

Bulletin no 34
09/2017



## « Salut à Luxembourg » fir d'Militärmusek

**Daf vun enger Gebuertsdagsrous op der „MS Princesse Marie-Astrid" zu Gréiwemaacher**

En Héichpunkt vun de Feierlechkeeten fir de 175. Gebuertsdag war ouni Zweiwel den 1. Juli 2017 um Schëff „MS Princesse Marie-Astrid" zu Gréiwemaacher, wéi d'Militärmusek hir eege Rous vun de „Frënn vun der Militärmusek" geschenkt krut.

Eng ronn 200 Leit (aktiv a pensionéiert Militärmuseker mat hirer Famill, Membere vun de FvMM, d'Pätteren a Giedelen vun der Rous, etlech Éieregäscht an eng Delegatioun vun de „Lëtzebuerger Rousefrënn") hunn dës Daffeier um Haaptdeck vum bekannte Lëtzebuerger Passagéierschëff, dat um Quai virun Anker loug, materlieft.



A senger Begréissungsried huet den FvMM-Präsident Josy Lorent drop higewisen, dass dës Rous eng verdéngten Unerkennung fir de permanenten Asaz vun der Militärmusek am kulturellen, gesellschaftlechen, sozialen a militäresche Liewen vum Lëtzebuerger Land ass. Als Numm vun der Rous gouf „Salut à Luxembourg" zréckbehalen. Sou heescht e Marsch, deen den Edmund Patzke, éisträicheschen Dirigent vun der Lëtzebuerger Militärmusek vum 1. Januar 1899 bis zu sengem Doud den 20. November 1903, komponéiert huet. D'Uropféierung war den 29. Januar 1899 an e gëtt nach haut gäere gespillt.

D'Madame Mireille Steil, Präsidentin vun de „Lëtzebuerger Rousefrënn", déi d'Rous fir d'Militärmusek erausgesicht a verschaft hunn, ass an hirer Ried op déi laang Traditioun vun der Rousenzucht zu Lëtzebuerg agaangen.

Duerno huet den Här Martin Vissers, Ziichter vun der Rous „Salut à Luxembourg", de laangwierege Prozess fir d'Ziichte vun enger Rous erklärt. Bei der Auswiel vun der Rous fir d'Militärmusek wär et him drëm gaangen, mat der Blumm en Zesummenhank mat der Musek hierzestellen. An deem Sënn wär et him gelongen, mat wäissen a rosa Rousen, déi u Nouten erënnere sollen, eng richteg Summersymphonie vu Blummen a Faarwen ze schafen. Dat mat engem massive Rousestack, deen als eenzel Planz an engem Dëppen oder als Strauch am Gaart voller Musek mat der Melodie „Salut à Luxembourg" wär.



Virun der grousser Éierentrap, déi op den ieweschten Deck féiert, haten d'Lëtzebuerger Rousefrënn e groussen Arrangement mat der neier Rous opgestallt. Gedeeft ass se ginn, andeems d'Pätteren a Giedelen, déi leider net alleguerte konnten do sinn, den Député-maire Léon Gloden, Präsident vun der „Entente touristique de la Moselle luxembourgeoise", an de Präsident vun de „Frënn vun der Militärmusek" e Glas Lëtzebuerger Crémant

iwwert d'Blumme geschott hunn. Dëst „Wäiwaasser“ war eng Jubiläumscuvée Poll Fabaire mat der Spezialetikett „175 Joer Militärmusek“ an „20 Joer d'Frënn vun der Militärmusek“.

Nodeems d'Pätteren an d'Giedelen en Diplom als Dafschäin, eng Fläsch Jubiläumscrémant an e Rousestack kritt haten, hunn „Domaines Vinsmoselle“, vertrueden duerch hiere Präsident Henri Streng, alle Leit um Schëff den Apéritif offréiert.

D'Schëff huet an där Zäit ofgeluet an ass a Richtung Däitschland gefuer, well d'Schléis vu Gréiwemaacher wéinst Reparaturaarbechten zou war. Während der gemittlecher Fahrt vu ronn dräi Stonnen huet d'Kichebrigade e Menü „Sou schmaacht Lëtzebuerg“ mat véier Gäng, e vegetaresche Menü oder och nach e Kannermenü zerwéiert. D'Garçonen hunn awer och mat guddem Drauwesaaft vun den „Domaines Vinsmoselle“ dofir gesuergt, dass et net ze dréchen un den Dëscher ginn ass.

D'Feierstonn mat der eegener Rous fir d'Militärmusek ass fir dës kulturell Institutioun vu Lëtzebuerg, déi mat vill Asaz an héichem Niveau eisem Land iwwert d'Grenzen eraus all Éier mécht, jiddefalls eng bestänneg respektvoll Unerkennung! (j-lo)

- - - - - - - - - -

*Wien un der Rous „Salut à Luxembourg“ intresséiert ass, ka sech bei de „Lëtzebuerger Rousefrënn“ op dëser Adress mellen: Huesepaad, 23, L-5363 Schrassig; Telephon: 621-797-363; Mail: secretariat.rousefrenn@gmail.com*

**Giedelen:**

- **Mme Jeannette Braun-Giampellegrini**
  **Directrice-adjointe honoraire vum Escher Conservatoire**
- **Mme Erna Hennico-Schoepges**
  **Fréier Kulturministesch**
- **Mme Octavie Modert**
  **Deputéiert**
- **Mme Viviane Reding**
  **Europadéputéiert**
- **Mme Lydie Polfer**
  **Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg**

**Pätteren**

- **Här Guy Arendt**
  **Staatssekretär am Kulturministerium**
- **Här Niki Bettendorf**
  **Éirepresident vun de Frënn vun der Militärmusek**
- **Här Mario Daubenfeld**
  **Chef d’État-major e.r.**
- **Här Pierre Nimax**
  **Hofkapellmeeschter**
- **Här Gaston Reinig**
  **Chef d’État-major e.r.**
- **Här Jean Spautz**
  **Éirepresident vun de Frënn vun der Militärmusek**




No der Daffeier:

1. Rei v.l.: Niki Bettendorf, Joseph Lorent; Mario Daubenfeld; Gaston Reinig; Mireille Steil; Martin Vissers;
2. Rei v.l.: Jeannette Braun-Giampellegrini; Alain Duschène; Roby Raus;
3. Rei v.l.: Léon Gloden; Jos Schmit; Emile Noesen; Jean-Claude Braun; Pierre Nimax;
4. Rei v.l.: Christian Kirpes; Thierry Majerus; Louis Schmitz; Robert Weyland.






20 Joer
175 JOER
MILITÄRMUSEK
Lëtzebuerger
Rousefrënn a.s.b.l.














Acte de Baptême

Ce samedi 1er juillet 2017, dans le cadre des festivités organisées à l'occasion du 175e anniversaire de la Musique militaire grand-ducale et du 20e anniversaire de l'a.s.b.l. „d'Frënn vun Militärmusek",
a été baptisée à bord du bateau „MS Princesse Marie-Astrid" à Grevenmacher
une nouvelle rose

'SALUT À LUXEMBOURG'

portant la désignation variétale VISCADA

Création de Monsieur Martin Vissers, Viva International bvba, Belgique

**Marraines et Parrains**

Monsieur Guy ARENDT, Secrétaire d'État à la Culture
Monsieur Niki BETTENDORF, Président honoraire de l'a.s.b.l. "d'Frënn vun der Militärmusek"
Madame Jeannette BRAUN-GIAMPELLEGRINI, Directrice adjointe honoraire du Conservatoire de la ville d'Esch-sur-Alzette
Général Mario DAUBENFELD, Chef d'État-Major honoraire de l'Armée luxembourgeoise
Madame Erna HENNICOT-SCHOEPGES, Présidente honoraire de la Chambre des députés et ancienne ministre de la Culture
Madame Octavie MODERT, Membre de la Chambre des députés et ancienne ministre de la Culture
Monsieur Pierre NIMAX, Maître de Chapelle de la Cour grand-ducale
Madame Lydie POLFER, Bourgmestre de la ville de Luxembourg
Madame Viviane REDING, Membre du Parlement européen et ancienne vice-présidente de la Commission européenne
Général Gaston REINIG, Chef d'État-Major honoraire de l'Armée luxembourgeoise
Monsieur Jean SPAUTZ, Président honoraire de la Chambre des députés et de l'a.s.b.l. „d'Frënn vun de Militärmusek"

**s témoins**

nsieur Josy LORENT, Président des „d'Frënn vun der Militärmusek"
Madame Mireille STEIL, Présidente des "Lëtzebuerger Rousefrënn














































## Menu:

Filet de truite luxembourgeoise

Sorbet au Crémant

Tranche de filet de veau, sauce Calvadonven, tagliatelle, bouquet de légumes

Parfait au Marc de Luxembourg sur une mousse de vin blanc

## Menu végétarien:

Taboulé légèrement relevé tempura de légume de saisons, tzatziki de concombre.

Sorbet au Crémant

Le poke bowl Hawaïen façon du chef ( pois chiche, quinoa, tofu, noix de cajous, avocat, salade d'herbes aromatiques, brocoli, sesame toasté, patate douce et agrumes).

Parfait au Marc de Luxembourg sur une mousse de vin blanc

## Menu enfants:

Potage

Bouchée à la Reine, pommes frites et salade

Glace






















(Photos: Tessy Hansen)

# Schmasseg Musek an e grousse Gebuertsdagskuch

## Gemeinsame Concert mat der USAFE-Band zu Moutfort

Ënnert dem Patronage a mat der aktiver finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng Conter haten „d'Frënn vun der Militärmusek“ an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun vun der Gemeng Conter de 16. Februar 2017 am Kulturzentrum vu Moutfort en aussergewéinleche Concert organiséiert. Engersäits war et de Kader fir d'Feierstonn vum 20. Gebuertsdag vun der A.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek“ an anerersäits e Benefizconcert fir d'Aktioun „Conter hëlleft“.




Als Éieregäscht waren ënner anerem do: d'Madame Alison Shorter-Lawrence, Chargée d'affaires vun der US-Botschaft zu Lëtzebuerg (kuerz drop ass sie an den Irak gaangen), den Här Jean Spautz, Éierepräsident vun der Chamber a vun de „Frënn vun der Militärmusek“, de Colonel Alain Duschène, Chef d'État Major adjoint vun der Lëtzebuerger Arméi, den Adjutant Major Claude Schmitz, Adjutant de Corps vun der Lëtzebuerger Arméi, de Buergermeeschter Fernand Schiltz an de Schäffe Guy Lorent mat verschiddene Membere vum Gemengerot, den UGDA-Generalsekretär Richard Köller an de Generaldirekter Paul Meyers vun DuPont de Nemours.

A senger Begréissung huet den FvMM-Präsident Josy Lorent nieft der generéiser Ënnerstëtzung vun der Gemeng Conter och déi efficace Kooperatioun vun der Kulturkommissioun mat hierem Präsident Ricky Eifes a Sekretär Jean-Claude Muller ënnerstrach.

Duerno sinn d'Concert Band vun den „US Air Forces in Europe“ an d'Lëtzebuerger Militärmusek zesummen an ofwiesselnd ënnert der Leedung vum Commander Lt. Col. Donald Schofield a vum Majouer Jean-Claude Braun mat engem Programm an Aktioun getratt, duerch deen d'Adjutant-Chefin Romy Werner gefouert an dee fir grouss Begeeschterung beim Publikum gesuergt huet.

Eng grouss Attraktioun war direkt nom Concert dem Oberweis säi riesege Gebuertsdagskuch, dee vun den Offiziellen opgeschnidde gouf a vun dem all Leit am Sall e Stéck kruten. (j-lo)





































(Photos: Tessy Hansen)

# Een onendlechen Dram aus Spuenien

## De Komponist Ferrer Ferran war bei der Première zu Lëtzebuerg

Als musikalescht Gebuertsdagsgeschenk fir d'Militärmusek hat d'A.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek“ beim spuenesche Komponist Ferrer Ferran e Wierk an Optrag ginn, dat de Numm „The Neverending Dream“ krut.



Fir d'Uropféierung vu sengem neieste Stéck de 25. Mäerz 2017 am Stater Conservatoire war den 51 Joer ale Komponist Ferrer Ferran extra vu Valencia op Lëtzebuerg geflu komm.

Fir den Optakt vum Concert huet d'Militärmusek ënnert der Direktioun vum Majouer Jean-Claude Braun de Marsch „175 Joer Militärmusek“ gespillt, mat deem den AdjCh Patrick Lux den éischte Präis bei deem vun de „Frënn vun der Militärmusek“ organiséierte Kompositiouns-concours gewonn huet.



Duerno koum de Ferrer Ferran eng éischte Kéier zu Éiere mam Concertino „Euterpe“ fir Flütt, bei deem den Adjutant Alain Baustert als Solist säi Kënnen ënner Bewäis gestallt huet. „Time fir Outrage“ huet dat nächste Stéck geheescht, dat aus der Fieder vum Lëtzebuerger Komponist Marco Pütz stammt an de 26. Mäerz 2016 an der Philharmonie als Optragswierk vun de „Frënn vun der Militärmusek“ seng Uropféierung hat.

Ganz am Zeeche vum Gaaschtkomponist Ferrer Ferran, dee vill Präisser krut, stoung den zweeten Deel vum Programm. „Carrousel“ huet den Titel vun enger lëschteger Fantaisie fir Trombonequartett an Orchester



geheescht. Hei konnten den AdjMaj Jean-Marie Grimler, den AdjMaj Jean Thill, de SgtChef Laurent Lemaire an den 1Sgt Simone Patz hier virtuos Fähegkeete voll a ganz beweisen.



Vill Applaus gouf et zum Schluss vum Concert, duerch deen den 1Sgt Vanessa Lommer als Conférencière gefouert huet, fir déi laange erwaarde Première vum Owend, eben dem Ferrer Ferran säi Wierk „The Neverending Dream“. De Komponist huet sech inspiréiert beim märchenhafte, romantesche a fantastesche Roman „Die unendliche Geschichte“ vum däitsche Schrëftsteller Michael Ende aus dem Joer 1979, fir a net manner wéi 19 szenesche Geschichten musikalesch eng Phantasiewelt opzebauen, dee zum Dreeme verleede kann. (j-lo)















# Concert de bienfaisance - 25.01.2017

## 19e stage pour étudiants des conservatoires de musique

De 25. Januar 2017 huet am Stater Conservatoire den traditionelle Concert de Bienfaisance stattfond, dee vun der Stat Lëtzebuerg offréiert gëtt an vun der Lëtzeburger Armée, dem Luxembourg City Tourist Office an de Frënn vun der Militärmusek a Partnerschaft organiséiert gët.

De Concert vun dësem Joer wor ower exceptionnel duerch de Kader, an deen e gestallt gouf, an duerch de Programm, deen de Majouer Jean-Claude Braun, Chef vun der Militärmusek, opgestallt hat.

2017 feiert d'Militärmusek hieren 175. Anniversaire, an d'Armée 50 Joer Volontariat, an de Concert vum 25. Januar sollt dann den Optakt sin vun de Feierlechkeeten.





Fir d'Ouverture vum Concert hun ofwiesselnd déi 2 Éirecheffe vun der Militärmusek, den Hofkapellmeeschter Pierre Nimax an der Lt Colonel honoraire André Reichling den Dirigentestaf an d'Hand geholl, a Stécker présentéiert, déi si jeweils sëlwer komponéiert resp.arrangéiert haten (Symbole d'espoir, Finale vum Pierre Nimax mat als Solisten den Pierre Nimax Junior op der Uergel an den AdjMaj Ernie Hammes op der Trompett, an Walt Waltman Ouverture vum Gustav Holst arrangéiert vum André Reichling).

Am Schluss vum éischten Deel huet dun de Chef selwer d'Direktioun iwwerholl fir La Valse vum Maurice Ravel an Festival Variations vum Claude T. Smith.

Den 2. Deel gouf ugefaang nach ëmmer ënnert der Direktioun vum Maj Jean-Claude Braun mam Stéck Duende vum Luis Serano Alacorn. Am Finale huet dun de Groupe « Murphy's Law » (Riccardo Vieira, Voice/Misch Volkman, E-Guitar/Claude Schaus, Piano/Nico Wégé, Drums/Heng Kleren, B-Guitar/Laurent Pierre, Tenor Sax/Georges Soyka, Trumpet/Serguei Khmieleskoi, Trombone) zesumme mat der Militärmusek de Sall mat Funky Musek de Sall un d'Brodele bruecht.



Traditionnell ass de Concert de bienfaisance awer och d'Plattform fir e Stage fir jonk Musekstudenten mat der Militärmusek, wou si kënnen Erfahrung sammelen an Zesummenarbecht mat professionnelle Museker, an de Prouwen an och beim Concert. Fir eenzelner ass ët och souzesoen e Sprangbriet fir an d'Militärmusek, well d'Vergaangenheet huet et gewisen, dat munchereeen vun deemolege Stagiairen haut an hire Reien ze fanne sinn.



Dëst Joer hu nit manner wéi 21 Schüler deelgeholl: aus dem Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg Céline Evrad,Clarinette/Caroline Garçon, Percussion/Vanessa Lombardi, Flûte/Sally Nickels, Flûte/ Laurent Pütz, Clarinette/Maurice Schmoetten, Trompette/Max Thill, Euphonium/Luca Wolff Trompette; aus dem Conservatoire vun Esch Anaïs Both, Saxophone/Amélie Casciato, Clarinette/Nick Engel, Trombone basse/Maxime Leclet, Percussion/Philippe Neumann, Trompette; aus der Musekschoul Iechternach Caroline Wies, Clarinette; aus dem Conservatoire du Nord Magaly Da Silva Ferreira, Clarinette/Lisa D'Harcour, Saxophone Alto&Baryton/Kim Hoffmann, Clarinette/David Jans, Saxophone/Julie Ries, Saxophone/Marie-Isabelle Schleider, Clarinette.

Aus den Hänn vum Här Joseph Lorent, President vun de Frënn vun der Militärmusek, dem Generol Romain Mancinelli, Chef d'Etat-Major vun der Arméi, der Madame Francine Closener, Staatssekretärin vun der Défense, an dem Här Marc Angel, Präsident vum LCTO krute si op enger Receptioun, déi vun der Arméi nom Concert offréiert gouf, hiren Certificat de Participation iwwerreecht.

Da bleiwt schlussendlech nach ze ernimmen, datt dëse Concert zu Gonschten vun der Fondatioun Luxembourg Air Rescue organiséiert gouf.

## Mat der « Dixie Band » am « Tour de France »

Eng besonnech Missioun hat der Militärmusek hier „Dixie Band" de 4. Juli 2017 zu Schengen am Kader vun der 4. Etapp vum „Tour de France", déi vu Munneref op Vittel (Vogesen) gefouert huet.

Ënnert der Direktioun vum Adjutant-Majouer Christian Kirpes huet d'Dixie Band, déi uewen nieft dem „Centre Européen" stoung, mat schmasseger Musek fir Stëmmung gesuergt. Dat schons eng Zäit virdrun, éier d'Cycliste vun der gréisster Vëloscourse vun der Welt op der 207,5 Kilometer laanger Etapp Lëtzebuerg verlooss an a Richtung Contz-les-Bains laanscht geflitzt sinn.


(Photo: Joseph Lorent)

Op der Terrass vum „Centre Européen", an deem de „Musée Européen" Visiteuren aus der ganzer Welt unzitt, hunn iwwregens och d'Regierungsvertrieder vun der „Grande Région" (Lëtzebuerg, Louthréngen, Saarland, Rheinland-Pfalz, Wallounien an däitschsproocheg Gemeinschaft vun der Belsch) de sportleche Spektakel mat allem Drëm an Drun verfollegt.

# Open-Air um Schëff zu Grevenmacher

Nodeems d'lescht Joer dëse Concert wéinst Héichwaasser aus Sécherheetsgrënn hat missten ofgesot ginn, huet d'Militärmusek dëst Joer den 27. Juni den Open Air Concert zu Gréiwemaacher op der „MS Princesse Marie-Astrid“ nogeholl. Organiséiert war dëse kulturellen Event um Quai vun der Muselmetropol, wou sech vill Nolauschterer an enger labberer Summernuechtsatmosphär afonnt haten, vun der „Entente touristique de la Moselle luxembourgeoise“ mat hirem Präsident Léon Gloden.

Ënnert der Direktioun vum Majouer Jean-Claude Braun huet d'Militärmusek um ieweschten Deck vum Schëff e flotte Programm mat populärer Musek gespillt. Virsiichtshalber war iwwert de Museker en Zeltdaach montéiert ginn, dee méi spéit sollt nëtzlech sinn, wéi déi eng oder aner Schauer dofir gesuergt huet, dass d'Leit um Quai hir Präbbelien hu missten opspanen. An d'Waasser gefall ass den Open Air Concert dës Kéier awer net... (j-lo)







(Photos: Norry Stoltz)

# Wann d'Kanoune schéissen an d'Klacke lauden...

## Besonnesch feierleche „Concert 1812“ am Bannenhaff vu Neimënster

Fir den 175. Anniversaire vun der Militärmusek haten de „Luxembourg City Tourist Office“, d'Stad Lëtzebuerg, d'Arméi an d'Frënn vun der Militärmusek um Owend vum 7. Juli 2017 an de Bannenhaff vu Neimënster am Stadgronn op en aussergewéinleche Concert invitéiert, deen ënnert dem Titel „1812“ stoung. Déi Zuel ass eng Allusioun op dem Pjotr Iljitsch Tschaikowski seng feierlech Ouverture „1812“, déi d'Victoire vu Russland an de Napoleonesche Kricher duerstelle soll an den 20. August 1882 fir d'éischte Kéier an der Christus-Erléiser-Kierch zu Moskau opgefouert gouf.

Strubbelvoll war d'Plaz schons éier de Majouer Jean-Claude Braun bei schéinem Summerwieder d'Baguette fir den Optakt vum gratis offréierte Concert op Virbestellung vun den Entréesbilljeeën gehuewen huet. Am Asaz op der Bühn war och de „Choeur de Chambre de Luxembourg“. Den Ufank war feierlech mam Marsch Nummer 1 mat dem Ënnertitel „Land of Hope and Glory“ aus dem Edward Elgar sengem sechsdeelege Marschwierk „Pump and Circumstances“, deen heiandsdo och déi zweet Nationalhymn vun de Brite genannt gëtt.

Weider goung et mat den Carl Orff senger Kantat „Carmina Burana“, aus deeër den éischten an den zweete Saz („O fortuna“ resp. „Fortune Plango Vulnera“) an enger Adaptatioun vum fréiere Chef André Reichling ze héiere waren.

Aus dem russesche Komponist Alexander Borodin senger bekannter Oper „Prinz Igor“ hunn d'Militärmuseker an de Chouer d'Suite vun de „Polowetzer Dänz“ gespillt a gesongen.

An eng ganz aner Welt vun Danz a Gesank sinn d' Nolauschterer beim nächste Programmpunkt entfouert ginn mat de „Symphonic Dances“ aus dem Leonard Bernstein sengem Musical „West Side Story“ an engem Arrangement fir Harmonieorchester vum André Reichling.

No der Paus ass et bei der Final zum Héichpunkt vum Concert komm mat dem Tschaikowski senger monumentaler Ouverture „1812“. Sie beschreift a Nouten an a verschiddene Sätz déi militäresch Ausenanersetzung tëschent dem Keeser vu Frankräich an dem Zar vu Russland, ugefaange mat der Opstellung vun den Arméien iwwert de Kaméidi vun de Schluechten, wou ëmmer erëm d'Marseillaise uklénkt bis hin zur Victoire a Form vun der russescher Zarenhymn „Gott erhalte den Zaren“. Gläichermoosse spektakulär an ergräifend waren déi Passagen mat den 18 Kanouneschëss, déi beim INS um Fetschenhaff vum Artilleriespeloton vun der Lëtzebuerger Arméi ënnert dem Kommando vum 1. Leutnant François Utter aua dräi Kanounen ofgefeiert goufen. Dëse Manöver war am Haff vu Neimënster um Ecran ze gesinn. Majestéitesch-pompös ass et zougaangen, wéi och nach d'Klacke vun der Kierch vum Stadgronn an d'Musek eragelaut hunn. *(j-lo)*



*Op der Bühn am Bannenhaff vu Neimënster, dee bis op déi leschte Plaz gefëllt war, hunn d'Militärmusek an de „Choeur de Chambre de Luxembourg“ ënnert der Leedung vum MajouerJean-Claude Braun e ganz feierleche Programm offréiert (Photo: Tessy Hansen)*

# Mir wënschen eng erhuelsam Pensioun!



## Alain Hecker

Né à Esch-sur-Alzette, Alain Hecker commença ses études musicales au conservatoire de sa ville natale.

Pour le cour de clarinette, il s'inscrit dans la classe de Monsieur Jacques Asselborn.

Alain Hecker décrocha en 1978 un premier prix en clarinette, en 1979 un diplôme supérieur et un premier prix en musique de chambre.

Il était inscrit de 1979 à 1981 au Conservatoire Royal de Musique à Bruxelles dans la classe du professeur Marcel Ancion et termina ses études avec un premier prix.

Sous-officier de carrière auprès de notre Musique Militaire Grand-ducale depuis 1986, il a occupé le pupitre de première clarinette.

Pour parfaire ses études, il a suivi ses cours dans la classe du professeur Rigobert Mareels au Conservatoire Royal de Musique de Liège entre 1989 et 1991 et optint un Diplôme supérieur avec distinction.

Toujours avide de perfection, il s'inscrivit par la suite à l'Ecole Normale Alfred Cortot à Paris dans la classe de Maître Guy Deplus ou il se vit remettre le Diplôme d'Enseignement Supérieur en 1992 et le Diplôme Supérieur en 1993.

Il a suivi des cours et des Masterclasses avec Maître Guy Deplus et Maître Jacques Lancelot.

Alain Hecker s'est produit à maintes reprises en soliste avec la Musique Militaire Grand-Ducale et, depuis 1991, il est également chargé de cours au Conservatoire du Nord.

## Robert Stoos



Robert Stooss est entré à la Musique Militaire Grand-ducale en 1981 après des études de hautbois et de violoncelle aux conservatoires d'Ettelbruck et de Luxembourg, après des professeurs Roger Meis et Norbert Mattern pour le hautbois, ainsi que de Claude Giampellegrini pour le violoncelle.

Il poursuivit ses études de hautbois aux Conservatoires de la Ville de Metz et au Conservatoire Royal de Mons.

Nommé Sergent de la Musique Militaire en 1984, l'hauboïste Robert Stoos a occupé le poste de 1er hautbois solo depuis sa nomination définitive.

# D'Militärmusek an der Mediathéik vum Radio 100,7

An enger Serie iwwert 175 Joer Militärmusek huet de Museksredakter Manuel Ribeiro vum Radio 100,7 hannert d'Kulisse vun der Lëtzebuerger Militärmusek geluusst, fir ze weisen, dass sie wäit méi wéi en Defilésesembel ass.

Wéi d'Militärmusek entstanen ass a wéi sie sech weider entwéckelt, huet hien a sechs Radiossendungen mat ënnerschiddleche Gespréichspartner ugeschwat.

Fir dass eis Memberen an all aner intresséiert Leit dës Sendungen, déi wichteg Dokumenter iwwert d'Geschicht vun der Militärmuseker sinn, an aller Rou nolauschteren kënnen, publizéiere mir hei hannendrun eng Opstellung mat de Linkadressen an der Mediathéik vum radio 100,7:

**1) Net nëmme fir Paraden zoustänneg - 6. Juni 2017 ëm 13.30 Auer**

An engem Gespréich mam deemolege Colonel a Chef adjoint vum État major, dem neie Generol Alain Duschène, ginn ënner anerem d'Froe geklärt,wou d'Militärmusek hierkënnt, firwat eng Arméi en Orchester brauch a wat de Stellewäert vun der Militärmusek an der Arméi, am Land an iwwerhaapt an der Musekswelt ass.

https://www.100komma7.lu/program/episode/151123/201706061330-2017061400

**2) Wéi fonctionnéiert den Orchester? - 13. Juni 2017 ëm 13.30 Auer**

Am Gespréich mam Chef, dem Majouer Jean-Claude Braun, gëtt de Fonctionnement vum Militärorchester gekuckt:

Wéi ass d'Besetzung, wat ass de Repertoire, wéi eng Komponiste gi gespillt a bei wéi enge Geleeënheeten gëtt wéi en Ensembel agesat?

https://www.100komma7.lu/program/episode/151133/201706-201706131400 ?

**3) Ensembele vun der Militärmusek - 20. Juni 2017 ëm 13.30 Auer**

De Manuel Ribeiro informéiert iwwert d'Funktioun vum Chef adjoint vun der Militärmusekt, dem Adjutant-Majouer Christian Kirpes, deen déi verschidden Ensembele virstellt, déi de groussen Orchester nach proposéiert:

https://www.100komma7.lu/program/episode/151893/201706201330-201706201400

**4) Jazz an Uniform - 27. Juni 2017 ëm 13.30 Auer**

Den Trompettist Ernie Hammes, Leader vun der Miltärmuseker hiererBig Band, ass ee vun deene Museker, déi an de leschte 25 Joer de Numm vu Lëtzebuerg an der Jazzwelt am meeschten exportéiert huet. An dëser Sendung erzielt hien aus senger Carrière am Jazz an als Militärmuseker. Selbstverständlech stellt hien och d'Big Band vun der Militärmusek vir.

https://www.100komma7.lu/program/episode/153611/201706271330-201706271400

**5) Museker mat villen Talenter - 4. Juli 2017 ëm 13.30 Auer**

Hei gëtt eng Partie Museker virgestallt, déi nieft dem Orchester nach besonnesch an anere Museksgattungen erausstiechen, wéi den David Ascani, den Niels Engel an de MichelMeis am Jazz, d'Stéphanie Schlink am klassesche Gesank an den Tim Kleren als Komponist.

https://www.100komma7.lu/program/episode/157385/201797041330-201707041400

**6) D'Frënn vun der Militärmusek - 1. Juli 2017 ëm 13.30 Auer**

Well d'Militärmusek an de Strukture vun der Arméi organisatoresch an och finanziell zimmlech ageenkt ass, gëtt et zënter 20 Joer d'A.s.b.l. "d'Frënn vun der Militärmusek", déi zum Beispill fir d'Militärmusek Concerten organiséieren, e Budget fir CD-Opnahmen bereetstellen an souwuel Solisten wéi Gaaschtdirigenten engagéieren. Den Interviewpartner beim Manuel Ribeiro war dës Kéier de Josy Lorent, Präsident vun de "Frënn vun der Militärmusek".


https://www.100komma7.lu/program/episode/158226/201707111330-201707111400

* * * * * *

Op dësem Wee soen "d'Frënn vun der Militärmusek" deene Responsabele vum radio100,7, virun allem awer dem Journalist Manuel Ribeiro, e groussen an häerzleche Merci fir déi spontan a wäertvoll Ënnerstëtzung an all de Joeren. Sie hunn dommater net nëmmen der Militärmusek vill gehollef, mä och e Bäitrag zum kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg geleescht. Mir hoffen, och an Zukunft op d'Ënnerstëtzung vum radio100,7 zielen ze kënnen.

# Joeresofschlossgeschenk 2017 fir eis Memberen

An dësem aussergewéinleche Joer vum 175. Anniversaire vun der Militärmusek huet op Bedreiwe vun de Frënn vun der Militärmusek d'Lëtzebuerger Post am Mai ee speziellen Timber erausbruecht.




Fir dësen Timber nach méi zur Geltung ze bréngen, huet d'Post mat eiser Zesummenarbecht e Folder hirgestallt, an deem den Timber an och d'Geschicht vun der Militärmusek présentéiert gin.

Am Plaz vum traditionellen CD gët dëse Folder un all Member als Joeresofschlossgeschenk zesumme mam Bulletin vum 2. Semester 2017 ufangs Januar 2018 verscheckt.

# Programm vun der Militärmusek vun Oktober 2017-Januar 2018

| | | **Octobre 2017** | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Lieu** | **Organisateur** | **Tickets** |
| **10** | 9.00 - 11.30 | **Journée de la Commémoration Nationale** | Luxembourg-Ville | Ministère d'Etat | |
| **15** | 16.30 | **Concert de bienfaisance** | Gasperich Eglise paroissiale | Syndicat d'intérêts locaux Gasperich Asbl | Syndicat d'intérêts locaux Gasperich Asbl |
| **20** | 20.00 | **Concert pour les deux anniversaires de l'Armée** | Philharmonie à Luxembourg | Armée | sur invitation et réservation |
| **25** | 20.00 | **Concert patriotique pour RBS** | Conservatoire de Luxembourg | www.rbs.lu | www.rbs.lu |
| **26** | 20.00 | **Concert patriotique à Pétange** | Home St-Hubert Pétange | Comité du Souvenir de la ville de Pétange | Comité du Souvenir de la ville de Pétange |

| | | Novembre 2017 | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Lieu** | **Organisateur** | **Tickets** |
| **08** | matin | **Fête St-Martin** | Caserne Grand-Duc Jean à Die-kirch | Armée | sur invitation |
| **11** | 20.00 | **Concert des Lauréats** | Conservatoire de Luxembourg | Conservatoire de Luxembourg | Conservatoire de Luxembourg |
| **18** | 20.00 | **Concert au Théâtre municipal d'Esch-sur-Alzette** | Conservatoire d'Esch-sur-Alzette | Conservatoire d'Esch-sur-Alzette | Conservatoire d'Esch-sur-Alzette |
| **24** | 20.00 | **Concert avec une création mondiale du compositeur Walter Civitareale et la partici-pation des chœurs du Conservatoire** | Conservatoire de Luxembourg | Conservatoire de Luxembourg | Conservatoire de Luxembourg |

| | | Décembre 2017 | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Lieu** | **Organisateur** | **Tickets** |
| **03** | 16.00 | **Concert en l'Eglise Sacré-Coeur** | Luxembourg-Gare | Asbl Animation Gare | Asbl Animation Gare |
| **08** | 20.00 | **Concert à Steinsel** | Kultursall Steinsel, rue des Vergers | Adm. Communale Steinsel | Adm. Communale Steinsel |
| **14** | 14.00 | **Encadrement de la Veillée de Noël** | Caserne Grand-duc Jean Diekirch | Armée | sur invitation |

| | | Janvier 2018 | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Date** | **Heure** | **Dénomination** | **Lieu** | **Organisateur** | **Tickets** |
| **05** | 18.00-20.00 | **Concert de Nouvel An à Mersch** | Maison de la Culture | Adm. Communale Mersch | Adm. Communale Mersch |
| **07** | 18.00-17.00 | **Concert de Nouvel An à Steinfort** | Centre Roudemer | Adm. Communale Steinfort | Adm. Communale Steinfort |
| **12** | 18.00-20.00 | **Concert Big Band à Holtz** | Nouvelle salle des fêtes | Fanfare Holtz | Fanfare Holtz |
| **13** | 18.00-19.30 | **Concert Big Band et de bienfaisance au Casino de Mondorf-les-Bains** | Casino Mondorf-les-Bains | Mir-Hëllefen Asbl | Mir-Hëllefen Asbl |
| **31** | 20.00 | **Concert de bienfaisance et de clôture des festivités du 175e anniversaire de la Musique Militaire Grand-Ducale** | Conservatoire de Luxembourg | VdL / LCTO / Armee / Asbl d'Frënn vun der Militärmusek | Entrée gratuite / collecte à la sortie |

# Eis Felicitatiounen un de neie Generol

Artikel aus dem Lëtzebuerger Wort vum 30.09.2017



## Wechsel an der Spitze der Armee

Seit gestern hat die Luxemburger Armee einen neuen Chef. Bei strahlendem Sonnenschein wurde in Diekirch Colonel Alain Duschène als Generalstabschef vereidigt. Der 57-Jährige löst General Romain Mancinelli (r.) ab, der die Armee seit Dezember 2014 geleitet hat und nun in den Ruhestand tritt. Alain Duschène trat 1978 als Freiwilliger in die Armee ein und studierte an der Königlichen Militärschule in Brüssel, wo er einen Abschluss in Militär- und Sozialwissenschaften gemacht hat. Von März bis August 1993 stand er als Kommandant der 3. Luxemburger Einheit der Schutztruppe der Vereinten Nationen (UNPROFOR) in Ex-Jugoslawien vor. Von 1995 bis 1998 vertrat er Luxemburg beim Eurokorps in Straßburg. Im März 2008 wurde er zum stellvertretenden Generalstabschef ernannt und bekam den Titel Colonel. *mig*

(FOTO: GERRY HUBERTY)

De Büro an de Verwaltungsrot vun de Frënn vun der Militärmusek felicitéieren dem Generol Alain Duschène, deen zanter méi wi 10 Joer Member vum Verwaltungsroot vun eisem Veräin ass, fir séng Ernennung, a wënschen him vill Erfolleg a sénger neier Funktioun.

Gläichzäiteg wënsche mir dem scheedende Generol Romain Mancinelli eng schéi Pensioun.